

(Interruptions)

» **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Sou, elo wéilt ech eppes... Ech mengen, dat eent Gesetz vum Internat zu Réiden, dat ass jo - ech weess net wéini - gestëmmt ginn. An dofir musse mer, well do net genuch Éducatoure virgesi sinn, fir dass mer kënnen méi Kanner do ophuelen, Éducatoure bäikréien. Ech mengen, do ass jo näischt méi drun ze änneren.

Elo wéilt ech eppes soen zu Miersch. Zu Miersch gëtt en Internat gebaut, wat eng gewësse Gréisst huet, mä do solle jo Schüler kommen an den Neie Lycée, dat ass déi eenzeg Struktur, déi mer esou am Land hunn, awer do sollen och Plaze si fir déi, déi als Noper vum Neie Lycée... Am PPP kënnt jo den Institut...

(Interruption)

Den LTPES gëtt dohinner gebaut. An dat ass och eng Structure, eng École unique am Land. Et gëtt nëmmen eng Schoul, wou Éducateuren zu Lëtzebuerg ausgebild ginn. Déi kommen och op Miersch, an do brauche mer och Plaz fir Schüler, déi kënnen do schlofen. Et ass also net en Internat, wou Dir sot, wou Schüler mat Problemer dra sinn oder déi eventuell...

(Interruption)

Ech hunn näischt gesot iwwert d'Internater vu fréier. Ech mengen, do war dat eng ganz aner Situatioun.

Mä mir kréie ganz oft d'Demande adreséiert, dass et Kanner gëtt, fir déi et gutt wär, wa si eng Zäit an engem anere Milieu kéinte liewen. Dat si Kanner, déi awer da ganz intensiv musse betreit ginn, an do gi mer zesumme mam Ministère de la Famille op de Wee, fir kleng Unitéiten ze maache mat enger ganz intensiver Betreuung.

An dësem Fall, wou mer am Land zu Miersch zwou Schoule kréien, déi et nëmmen eemol am Land gëtt, wou mer dann och verschidden Alteren hunn, et si méi Klenger a méi Grousser. Dat sinn eigentlech och separat Unitéiten, déi separat géréiert ginn, sou dass ech mengen, dass dat hei awer déi richteg Dimensioun hätt.

An duerfir soen ech lech nach eng Kéier Merci, dass Der dat Gesetz stëmmt.

» **Une voix**.- Très bien!

» **Une autre voix**.- Gär geschitt!

» **M. le Président**.- Ech soen der Madame Minister Merci. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur...

Ah, entschëllegt, d'Madame Brasseur.

» **Mme Anne Brasseur (DP)**.- Jo, Här President, mir hätten als Demokratesch Partei gär gehat, et sollt e Vote par division gemaach ginn, well all d'Membere vu menger Fraktioun d'accord si mam Volet vum Internat, fir dass do dat néidegt Personal zur Verfügung gestallt gëtt; well mer awer net all därselwechter Meinung sinn, wat den Neie Lycée ubelaangt.

Elo ass et awer esou, dassdeen Text vum deem Projet de loi esou aneneegräift, dass déi Divisioun ganz schwéier méiglech ass. Ech wëll der Chamber erspueren, elo mussen hei e ganz laboriösen Exercice ze maachen. Duerfir verzichte mer dann op déi Demande, déi mer kéinte stellen, fir e Vote par division ze maachen.

Ech wëll lech awer da soen oder nach eng Kéier répétéieren, dass ech gär fir de Volet vum Internat gestëmmt hätt, dat awer net ka maachen, géint de Projet dann dans son ensemble muss stëmmen, well ech géint de Volet sinn, fir den Neie Lycée ze verlängeren.

Ech sinn nämlech mat där Approche vum Neie Lycée à la base net d'accord. An dann, en bonne logique, kann ech net d'accord sinn, dass dat dann nach bis Première virugeféiert gëtt. Duerfir wollt ech eben d'Wuert nach eng Kéier kréien, fir dat ze präzisieren.

Merci, Här President.

» **M. le Président**.- Merci och, Madame Brasseur. Mir kommen dann awer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5883.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration.

» **Une voix**.- Meng geet net!

(Brouhaha général)

» **Une autre voix**.- Här Wagner, Dir hat gutt geschwat.

» **M. le Président**.- D'Resultat ass folgend: De Projet de loi 5883 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei enger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. D'Enthalung oder d'Nee-Stëmm, mengen ech, ass virdru begrënnt ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Norbert Haupt), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Thiel), Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roland Schreiner), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider (par M. Ben Fayot), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*A voté non: Mme Anne Brasseur.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Domadder ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 5881B iwwert d'Pratiques commerciales déloyales. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Sauber, den Här Berger, den Här Huss an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

**2. 5881B - Projet de loi relative aux pratiques commerciales déloyales et modifiant**

**- la loi modifiée du 30 juillet 2002 réglementant certaines pratiques commerciales, sanctionnant la concurrence déloyale et transposant la directive 97/55/CE du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 84/450/CEE sur la publicité trompeuse afin d'y inclure la publicité comparative;**

**- la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales et modifiant l'article 4 de la loi du 2 juillet 1935 portant réglementation des conditions d'obten-**

**tion du titre et du brevet de maîtrise dans l'exercice des métiers;**

**- la loi modifiée du 16 avril 2003 concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance;**

**- la loi modifiée du 18 décembre 2006 sur les services financiers à distance**

**Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports**

» **M. Alex Bodry (LSAP)**, *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, den 20. Mee d'lescht Joer huet de Wirtschaftsminister, den Här Jeannot Krecké, e Projet de loi iwwert d'Aféierung vum engem Code de la consommation agereecht.

An deem Projet de loi iwwert de Code de la consommation war och een Deel, dee sech mat der Definitioun an der Sanktioun vu sougenannten onfairen Handelspraktiken ofginn huet. Dobäi handelt et sech zu engem gewëssenen Deel ëm d'Ëmsetzung vum enger europäescher Direktiv 2005/29/CE, déi hätt misse scho bis den 12. Juni 2007 geschéien, wat awer net geschitt ass, wourophin och Lëtzebuerg veruerteelt ginn ass vum Europäesche Geriichtshaff an engem Uerteel vum 5. Februar 2009.

Et ass also urgent, fir ze handelen, a well keen Avis virlouch vum Conseil d'État iwwert dee ganze Projet, hu mer décidéiert als Kommissioun, fir de Regierungsprojet an zwee de splécken an deen Deel, dee sech mat der Ëmsetzung vum där europäescher Direktiv ofgëtt, dann an engem Spezialgesetz ze behandelen, deen dann och vum Conseil d'État positiv aviséiert ginn ass.

Déi Direktiv, déi vervollstännegt d'Lëtzebuerger Gesetzgebung iwwert de Konsumenteschutz, eng Gesetzgebung, déi an den 80er Joren haaptsächlech opgebaut ginn ass hei zu Lëtzebuerg, déi och duerch europäesch Impulser spéiderhi vervollstännegt ginn ass, a wou och haaptsächlech déi Matière, déi eis och hei betrëfft, haut an engem modifizéierte Gesetz vum 30. Juli 2002 schon ageschriwwen ass.

Fir Lëtzebuerg ass also deen Domän vum Konsumenteschutz an och d'Virgoe géint onfair Handelspraktike keen neien Domän. Et ass en Domän, wou mer scho länger Zäit eng spezifesch national Législatioun hunn, déi hir Preuven och bestanen huet, déi awer duerch deen heiten europäeschen Text positiv Elementer bäikritt, dass mer elo eng harmoniséiert Situatioun hunn an Europa, wou also och vill Handelspraktiken, déi jo iwwert d'Grenzen ewech ginn, da kënnen uniform eigentlech verfollegt ginn. A virun allem bréngt dat doten och e Plus natierlech fir de Bannemaart, den europäesche Bannemaart, an et bréngt e Plus fir de Konsumenteschutz insgesamt.

Dat Besonnescht un deem heiten Text ass, dass en ausschliesslech d'Relatiounen „business to consumer“ betrëfft, an net also d'Relatiounen ënner Professionellen. Dat ass en anere Champ d'application wéi d'Gesetz vum 2002 iwwert déi déloyal Handelspraktiken, wou souwuel d'Verhältnis Konsument/Professionell wéi Professionell/Professionell ofgedeckt gëtt.

Onfair Handelspraktike ginn also zu Lëtzebuerg ënner Strof gestallt. Och iwwert deen heiten Text gëtt also dee Prinzip nach eng Kéier confirméiert.

Wat sinn elo onfair Handelspraktiken? Den Text vum Gesetz gëtt do eng Definitioun. Onfair ass eng Handelspraktik, wa se contraire ass zu den Exigence vun der professioneller Suergfalt a wa se verännert oder kënnt zu Verännerunge féiere vum Behuele vum Konsument, wat eenzel Déngschtleeschungen oder Produkter ugeet.

An där weiderfuerender Iddi vun där Direktiv mécht dann den Text säin Ënnerscheid tëschent sougenannten irreführenden Handelspraktiken, irreführend Ënnerloossungen. Et kann also e positiven Accès sinn, deen irreführend ass; et kann awer och eng Omissioun sinn, déi kann de Konsument ierféieren.

Wat och interessant ass, de Gesetzesprojet hei - do iwwerhëlt en eigentlech eng Annex vun der Direktiv an de Corps vum nationale Gesetz eran - gëtt och eng net exhaustiv Lëscht vun allgemengen irreführenden Handelspraktiken, déi an alle Circumstancen also eng Illegalitéit duerstellen.

E puer Beispiller vläicht, fir dat ze illustréieren, wat ech gesot hunn. Wann een zum Beispill virgëtt, e Produkt hätt e Qualitétsla-

bel, deen et net huet, da läit een am Beräich vun enger allgemeng irreführender Handelspraktik. Wann ee seet, als Produzent géif ee sech engem Code de conduite ënnerleeën, an dat stëmmt net, da läit een och hei falsch an dann huet een en illegalen Akt gemaach. Wann ee seet, e Produkt, wat ee verkeeft, hätt en Agrément, dat Produkt huet deen Agrément net, da fält een och ënnert d'Bestëmmunge vun den irreführenden Handelspraktiken. Verstoppte Publireportagen an de Medien, dat heescht also Artikelen, déi eigentlech bezuelt sinn, dat awer net kenntlech maachen, dass et eng bezuelte Publireportage ass, dat ass strofbar, dat ass als eng allgemeng irreführend Handelspraktik unzegesinn.

Wann ee fir Produkter oder Servicer falsch Heelqualitéiten an de Vierdergrond stellt an enger Publicitéit, dann ass dat och falsch. A gradesou däerf een och net, wann een zum Beispill eng Liwwerung mécht, eng Rechnung oder eppes Ähnlech bälleeë bei e Produkt, fir esou eigentlech den Androck ze ginn, wéi wa schonn eng Commande do gewiescht wär, an et war eigentlech keng Commande do. Dat alles sinn also Beispiller, déi am Gesetzestext dra sinn, Beispiller vu sougenannten onfairen Handelspraktiken.

Da gesäit den Text och elo vum Gesetz vir, dass et eng Rei vun aggressiven Handelspraktike gëtt, déi och dann ënner Strof gestallt sinn. Och dat ass am Fong eng net exhaustiv Lëscht, déi hei opgefouert gëtt. D'Geriicht ka vu Fall zu Fall nach aner Behuelen och als onfair aggressiv Handelspraktik bezeechnen.

Ech huelen och do e puer Beispiller eraus, well dat Beispiller sinn, mat deenen een all Dag oft konfrontéiert ass, ech mengen, jiddwereen - och hei am Haus. Zum Beispill, wann ee sollicitéiert gëtt iwwer Téléfon, iwwer Fax oder och iwwer elektronesch Courier, fir e Produkt ze kafen oder e Service ze kafen, wann dat sech ausserhalb vu vertragleche Verbindunge mécht, dann ass dat strofbar. Dann ass dat eng aggressiv Handelspraktik, déi zu Lëtzebuerg an an Europa verbueden ass.

Oder och, wann ee konfrontéiert gëtt mat Publicitéiten, déi virginn, dass een, wann ee gewësse Formalitéite mécht, kéint e Präis gewannen, dee Präis awer a Wierklechkeet net besteet, oder awer déi Formalitéiten, déi ee muss maachen, mat sech bréngen, dass ee selwer muss Geld bezuelen oder en Deel vun de Käschten iwwerhuelen. Dat ass eng aggressiv Handelspraktik, leider och eng allgemeng verbreeten Handelspraktik, déi awer zu Lëtzebuerg an an Europa illegal ass, an déi kann also sanktionéiert ginn.

Zoustänneg bleiwen d'Nationalstate bei der Ëmsetzung vum der Direktiv fir d'Festleeung vun de Sanktiounen, während se soss relativ weínege Spillraum hunn, wat den Text ugeet. Mir hunn och probéiert, en eent zu eent ëmzesetzen, andeem mer awer och Suerg hate fir eng Rei vun Acquisen am Konsumenteschutz hei zu Lëtzebuerg, besonnesch wat de Colportage och ugeet, deen zu Lëtzebuerg absolut verbueden ass, deen awer d'Direktiv ënner gewësse Konditiounen nach zouléisst, dass mer déi Interdictioun vu Colportage hei géifen halen. Ech hoffen, dass d'Europäesch Kommissioun dat och ähnlech gesäit respektiv net mierkt, dass mer op deen dote Wee wëlle goen.

D'Sanktiounen, déi hei zréckbehale gi sinn, sinn déi, déi och am 2002er Gesetz drastinn. Et kann een eng Action en cessation maachen, déi no engem Référéverfahre beim President vum Handelsgeriicht leeft. Normalerweis ass et awer eng Geldstrof, also eng Amende, déi vum Législateur elo hei festgehalen gëtt als Sanktioun, déi ka goe vun 251 Euro bis 120.000 Euro, déi also misst e relativ dissuasive Charakter hunn.

Wou mer eng Diskussioun haten a wou mer vläicht net honnertprozenteg zefridde sinn, dat ass déi legislativ Technik, déi hei ugewannt ginn ass. Mir mussen awer och soen, dass mer eigentlech keng och direkt ëmsetzbar Alternativ haten, fir et direkt besser ze maachen.

Et ass esou, dass mer hei am Fong elo an der Situatioun sinn, dass am Beräich vun den onfairen Handelspraktike mer zwee Gesetzer elo wäerten hunn: d'Gesetz vum 2002, wou de Champ d'application ganz large ass, an dat neit Gesetz vum 2009, wat e Champ d'application huet, dee méi restriktiv ass, wou deelweis lwwerschneldunge sinn, wou awer och d'Definitionen heiansdo llicht anescht sinn, well dat eent jo en europäeschen Text ass, dee mer mussen eent zu eent normalerweis ëmsetzen, dat anert zum Deel och national Texter sinn.

Dat ass sécherlech - loosse mer soen - fir d'Lisibilitéit, fir de Versteesdemech vum Konsument an och vum Professionellen,



dee jo och soll Kenntnis hu vun all deenen  
Texter, net ëmmer einfach.

Et bréngt allerdéngs net mat sech, dass  
d'Leit manner Rechter hätten, well d'Leit  
hunn elo de Choix, entweder op der Basis  
vum Gesetz vun 2002 unzesiche respektiv  
op der Basis vum neie Gesetz vun 2009.

Et kann een also soen, ënnert dem Stréch  
gëtt awer de Konsumenteschutz hei zu Lët-  
zebuerg konsolidéiert duerch deen heite  
Punkt; e gëtt deelweis och op eenzelne  
Punkten ausgebaut.

Ech wëll zwou Neierungen nach erwähnen,  
déi interessant sinn, déi e Plus duerstelle  
par rapport zu der aktueller nationaler Lé-  
gislatioun an deem dote Punkt. Dat ass,  
dass hei d'Notioun éischstens vun der Omis-  
sion trompeuse agefouert gëtt, déi mir bis  
elo net kannt hunn - dat ass eng Neierung -,  
dass mer awer och hei d'Notioun vun de  
Consommateurs vulnérables aféieren, dass  
also och, wa sech eng Aktioun, eng Han-  
delspraktik riicht op e spezielle Grupp vu  
Leit, déi opgrond vun hirer mentaler Situa-  
tioun, opgrond vun hirem Alter méi llicht ier-  
zeféiere sinn, dat ze berücksichtegen ass  
an der Qualifikatioun vun enger Strofdot,  
vun enger Handelspraktik, déi onfair ass.

An dat ass, mengen ech, e Plus par rapport  
zu där allgemenger Regel, déi mer haut  
hunn, déi och hei an der Direktiv nach dran  
ass, dass ëmmer de Riichter sech situéiert  
bei der Appréciatioun, ob e Feelverhale  
virläit par rapport zum Duerchschnëttskon-  
sument oder par rapport zu engem Duerch-  
schnëttsmember vun engem Zilgrupp, dee  
vun enger Publicitéit viséiert ass. Hei gëtt  
also u sech do d'Protektioun verstärkt fir  
dee spezielle Grupp vu Leit, déi méi vulné-  
rabel sinn, déi méi llicht eigentlech ierze-  
féiere si wéi den Duerchschnëttskonsument.

Dat also vu menger Sait d'Duerstellung vun  
deem heiten Text, dee selbstverständlech  
och den Accord vun der sozialistescher  
Fraktioun fënn.

Ech wollt just nach am Numm vun der Kom-  
missioun zwou Recommandatioune widder-  
huelen, déi mer och am schrëffleche Rap-  
port hunn: Dass d'Regierung elo sollt derfir  
suergen, zesumme vläicht och mat der Kon-  
sumenteschutzorganisatioun, mat anere  
professionellen Organisatiounen, dass déi  
néideg Informatioun elo stattfënn par rap-  
port zu all deenen Acteuren, déi en Interessi  
hunn, Kenntnis vun deenen neie gesetz-  
leche Bestëmmungen ze hunn, a selwer  
vläicht och aktiv ze ginn - mir wëssen, dass  
eng Action en cessation och ewell kann  
zum Beispill vum Ministère de l'Économie  
duerchgefuert ginn, wann e selwer Kennt-  
nis huet vun esou enger illegaler Praxis -,  
do also selwer och aktiv ze ginn, wann et  
flagrant verstéisst géint d'Gesetzgebung an  
hir dat sollt zur Kenntnis kommen.

En zweete Wonsch ass natierlech, dass mer  
spéiderhin och dat heite Gesetz wäerten in-  
tegréieren an de Code de la consommation.

Voilà, dat gesot, géif ech dann och hei den  
Accord vun der ganzer Kommissioun zu  
deem heiten Text wëllen abréngen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Rap-  
porteur Merci fir säi mëndleche Bericht. Als  
éischte Riedner ass elo den Här Marcel  
Saubert agedroen. Här Sauber, Dir hutt  
d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Marcel Sauber (CSV).** - Här Presi-  
dent, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetz-  
esprojet, dee mer haut hei diskutéieren, ass  
enk mam Prinzip vun der Handelsfräiheet,  
der sougenannter Liberté de commerce  
verbonnen. D'Liberté de commerce ass eng  
vun deenen individuelle Fräiheeten, eent  
vun deenen individuelle Rechter, déi an ei-  
sem Grundgesetz, der Constitutioun, fest-  
geschriwwen sinn. Dëst war net ëmmer esou.  
D'Liberté de commerce gouf u sech expres-  
sis verbis an d'Constitutioun eréischt 1948  
erageholl. An dat ass geschitt op Vorschlag  
vum Conseil d'État.

Deemools ass d'Recht op Aarbecht am Arti-  
kel 11 vun der Constitutioun erageholl ginn,  
an de Conseil d'État, fir deenen Interpreta-  
tiounsschwieregkeeten iwwert dat Wuert  
Aarbecht aus de Féiss ze goen, huet virge-  
schloen, an deeselwechten Artikel 11 eran-  
zeschreiwen: «La loi garantit la liberté du  
commerce et de l'industrie, l'exercice de la  
profession libérale et du travail agricole,  
sauf les restrictions à établir par le pouvoir  
législatif.»

Mä och virun 1948 huet de Prinzip vun der  
Liberté de commerce gesetzlech bestanen.  
Ech erënnere dorun, dass ënnert der Fran-  
séischer Revolutioun d'Zünften an alles, wat  
domat verbonne war, ofgeschaf goufen, an

datt den Dekret vum 2. bis de 17. Mäerz  
1791 - och genannt „Loi Allarde“- fir den  
Handel an d'Handwierk de Regime vun der  
Liberté individuelle, der individueller Fräi-  
heet agefouert huet, y compris de Regime  
vun der fräier Konkurrenz.

Dës Fräiheet huet dann och bedéngt, dass  
d'Wirtschaftsacteuren eng Ethik, déi net  
konkurrenzverfälschent ass, respektéieren.  
Lëtzebuerg huet deemools nach zum Dé-  
partement des Forêts gehéiert an dee ge-  
nannten Dekret huet sech dann och op eist  
Land bezunn.

Dat Wuert Ethik an der Konkurrenz, sief et  
tëschent de Commerçanten, sief et an der  
Relatioun Commerçant/Verbraucher, résu-  
méiert am Fong déi Zilsetzung, déi all déi  
Texter, an et sinn der e sëllegen, all déi Ge-  
setzer iwwert d'Concurrence déloyale  
ustriewen.

Mä et huet sech erginn, dass de Begrëff  
Ethik an der Konkurrenz net ëmmer op déi-  
selwecht Aart a Weis verstane ginn ass. Do-  
hier den Drang oder d'Noutwendegkeet, de  
Begrëff Ethik an deem Beräich gesetzlech  
méi kloer ze ëmräissen, ouni dass déi eenzel  
Definitiounen alles, wat ënnert dem Begrëff  
Ethik ze verstoen ass, kënne begräifen.

En däitschen Dichter huet emol behaupt -  
an ech hoffen, dass ech en elo méi oder wéi-  
neger richtig zitéieren: „Freiheit sei der  
Zweck des Zwanges, wie man eine Rebe  
bindet, dass sie, statt im Staub zu kriechen,  
hoch sich in die Lüfte windet.“

» **Une voix.** - Très bien!

» **Une autre voix.** - Wow!

» **M. Marcel Sauber (CSV).** - Esou ass  
et och mat der Liberté de commerce.

**(Interruption)**

Fräiheet heescht och, d'Responsabilitéit ze  
iwwerhuelen, fir mat der Fräiheet esou ëm-  
zegoen, dass se eran an déi Gesellschaft  
passt, an där mer liewen.

Fräiheet fuerdert Verhalensregele vis-à-vis  
vun deenen aneren. Fräiheet bedéngt also  
och Grenzen, déi esou, wéi d'Constitutioun  
et fir d'Liberté de commerce virgesäit, a  
Form vu Gesetzzer festgeluecht ginn.

Historesch gesi sinn eng ganz Partie Geset-  
zer an deem Beräich geholl ginn, deals be-  
déngt duerch wirtschaftlech, deals sozial,  
deals duerch gesellschaftspolitesch Evolu-  
tioun, deals awer och aus Protektionismus  
oder awer fir d'Bekämpfung vun Abusen.

Wann een dat emol esou nosicht, da muss  
ee feststellen, dass d'Initiativ vun deene Ge-  
setzer, déi de sougenannte fräien Handel a  
bestëmmte Barrieren verweisen, am wéi-  
negste vun der Politik ausgaangen ass, mä  
dacks war de Beruff selwer - ob dat sech op  
d'Nidderloossungsrecht bezitt oder op  
d'Gesetzgebung iwwert d'Konkurrenz - am  
Allgemengen Demandeur.

De Commerçant huet all Interessen dorun,  
datt den Handel sech fair ofspillt. Datsel-  
wecht gëllt fir de Konsument, deen all In-  
teressen dorun huet, dass een net duerch  
onfair Handelspraktiken op d'A gedréckt  
gëtt. An deemem Sënn hu mer hei am Land  
eng ganz Ribambelle vu Gesetzzer, déi sou-  
wuel allgemeng wéi awer och ganz spezi-  
fesche Matière, Konkurrenzregelen,  
d'Concurrence déloyale definéieren a ver-  
bidden.

Mir sinn och op deem Gebitt deene  
meeschte Länner aus der EU e Schratt vir-  
aus. D'EU huet déiselwecht Iwwerleeunge  
gemaach a Bezuch op d'Concurrence dé-  
loyale. Eng loyal Konkurrenz duerch d'Betri-  
ber an deenen eenzelne Staten ass eng Vir-  
aussetzung fir e faire Marché intérieur. Si  
belieft dese Marché a stäerkt d'Vertraue vun  
de Bierger an d'Betriber, egal aus wéi en-  
gem Land se kommen. Duerfir ginn dann  
och Direktiven a Bestëmmungen iwwert  
d'déloyal Konkurrenz europawäit agefouert.

De Gesetzesprojet vun haut soll also d'Di-  
rektiv 2005/29/CE iwwert d'déloyal Handels-  
praktiken an d'Lëtzebuurger Recht ëmset-  
zen. Dës Direktiv, och UCP-Direktiv genannt  
do hirer englescher Versioun - „unfair com-  
mercial practice“ -, gëtt als e grouesse  
Schrëtt a Richtung vum Erreeche vum Marché  
intérieur an och a Richtung vun der Ver-  
besserung vun der Protektioun vum Konsu-  
ment bewäert.

Den originale Projet de loi war méi wäit  
gespaant wéi de Projet, dee mer virleien  
hunn. Et war nämlech virgesinn, gläichzäiteg  
mat der Ëmsetzung vun der Direktiv och e Code  
de la consommation a Gesetzesform ëmze-  
setzen. Dat wär ouni Zweifel eng gutt Saach  
gewiescht, well haut ass et bal net méi  
méiglech, d'Duerchsicht ze behale bei all  
deenen Texter, déi iwwert d'Concurrence  
déloyale bestinn, dass weder fir de Konsum-  
ent nach fir de Commerçant oder Hand-  
wierker.

Mä et sollt anescht kommen. Den honorabe-  
len Här Bodry huet als President an als Rap-  
porteur virdrun déi Grënn, firwat de Projet  
an zwee gedeelt gouf, hei duergeluecht.  
Hien huet och, an dofir félicitéieren ech him,  
mat grousser Fach- a Sachkenntnis deen  
neie Projet B hei erkläert an d'Positioun vun  
dem Statsrot, de Beruffskummeren an ane-  
ren Organisatiounen a sengem schrëftle-  
chen a mëndleche Bericht ageschloss.

Ech wäert mech deementspriedend hid-  
den, Är wäertvoll Zäit an Usproch ze huelen,  
fir hei onnéidegerweis Saachen ze widder-  
huelen, déi elo grad virdu schonn erkläert  
goufen. Ech géif mech just op e puer Be-  
mierkunge limitéieren.

Éischstens, den Text, dee mer duerch d'Di-  
rektiv ëmsetzen, ass en Text, deen als Pro-  
tektioun vum Konsument geduecht ass. Hie  
regléiert d'Relatioun tëschent Commer-  
çanten a Konsument an net d'Relatiounen  
tëschent de Commerçanten. Dës sinn an  
engem aneren Text oder aneren Texter fest-  
gehalen, déi weider bestoe bleiwen.

Zweete Punkt: D'Gesetz vun 2002 iwwer  
verschidden Handelspraktiken, iwwert  
d'Concurrence déloyale an iwwert d'Publi-  
cité trompeuse bleift a Kraaft. Dësen Zou-  
stand bréngt mat sech, dass d'Definitiounen  
iwwert déiselwecht Begrëffer net ëmmer an  
deenen zwee Texter iwwereneestëmme.  
Dat bréngt och mat sech, dass de Konsum-  
ent au choix op dat eent oder dat anert  
Gesetz zrëckgräife kann, wann hie mengt, e  
wäre lésiert. Doriwwer eraus ass dat eent  
Gesetz komplementär zu deem aneren. An  
dat alles huet als Konsequenz, dass ee sech  
vum juristesche Standpunkt scho Besseres  
hätt kënne virstellen.

Drëttens, dëst Gesetz soll grenziwwer-  
schreidend eng Harmoniséierung vun de  
Bestëmmungen iwwert d'Concurrence dé-  
loyale aféieren. D'Direktiv gesäit awer och  
vir, dass, wann an engem Stat Bestëmmunge  
bestinn, déi méi favorabel fir de Konsument  
sinn, dës bestoe bleiwen. Lëtzebuerg huet  
eng länger Traditioun an der Gesetzgebung  
iwwert d'Concurrence déloyale an d'Protek-  
tioun vum Konsument. Dat ass net onbe-  
déngt schlecht, mä et kann een et och esou  
gesinn, dass, wa mer dës Direktiv ëmsetzen  
nom Prinzip «Toute la directive et rien que la  
directive», da behale mer nach ëmmer e  
Virsprong op déi aner Länner, deenen hir  
Texter net esou wäit ginn.

Véiertens, um Text vun der Direktiv kënne  
mer näischt méi änneren. Dat verhënnert  
net, dass, wann ee mat engem gewëssene  
Recul all déi Definitioune kuckt iwwert d'Pra-  
tiques commerciales déloyales, iwwert  
d'Pratiques commerciales trompeuses, ob  
par action ou par omission oder réputées  
déloyales d'office - ëmmerhin 23 Cas de fi-  
gure, déi am Gesetz opgezielt ginn - oder  
iwwert d'Pratiques commerciales agres-  
sives - och erëm eng Dose Fäll -, da kann  
een nëmme staunen, dass et dat do alles  
gëtt.

Punkt fënnef. Wann dat Ganzt heiansdo wäit  
geet, da kënnt een trotzdeem net der-  
laanscht, domat d'accord ze sinn, dass on-  
koscher Machenschaften, déi enger prop-  
erer Konkurrenz am Wee stinn, ënner-  
bonne solle ginn. Dëst ass zweifellos am  
Avantage vum Konsument. Mä et ass grad-  
esou zweifellos am Advantage vun de Com-  
merçanten, déi hire Beruff propper an éier-  
lech ausüben, an dat sinn déi meescht.

D'Fro stellt sech allerdéngs, ob een dofir  
esou vill Gesetzestexter brauch. Virun 200  
Joer ass et duergaange mat dem Wuert  
Ethik, fir d'fräi Konkurrenz an d'Fënster ze  
stellen.

Leschte Punkt: Bei all deem Retard, dee  
sech bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv  
accumuléiert huet, a fir Schlëmmeres vun  
den europäesche Gerichter ze vermeiden,  
ass den originelle Projet gespléckt ginn, sou  
datt mer haut souzesoen nëmme d'Direktiv  
ëmsetzen, woubäi mer awer wëssen, dass  
nach eng gréisser Hausaufgab usteet, wa  
mer fir d'Zukunft Iwwerschneidungen a pa-  
ralllell Gesetzzer beschtméiglech vermeide  
wëllen, dat am Interessi vu proppere juris-  
teschen Texter fir de Konsument a fir de  
Commerçant.

Ofschléissend bréngen ech dann och den  
Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem  
Projet mat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,  
dëst ass - sauf imprévu - déi lescht länger  
Interventioun an dëser Chamber vu menger  
Sait. Dir wësst, ech sinn net méi Kandidat  
bei deenen nächste Wahlen. Ech géif also  
nach e bësse vun där Zäit, déi mer nach am  
Liewe bleift, profitéieren, fir dat nozehuelen,  
wat ech vläicht verpasst hunn, souwäit ech  
eppes verpasst hätt, awer och erëm fir dat  
ze maachen, wat mer am Privatlieue Freed  
mécht.

Ech hunn normalerweis net mat menger  
Meenung hannert dem Bierg gehalen.  
Vläicht war meng Kritik net ëmmer bequem,  
mä si war awer ëmmer positiv geduecht an  
et ass ëmmer ëm d'Saach gaangen.

Mäi lescht Wuert ass dann och Merci, Här  
President, léif Kollegeen, léif Frënn aus der  
Regierung, dass ech hunn dierfe matschaf-  
fen an deem héijen Haus an an deenen  
anere politesche Gremien an Instanzen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci un den Här  
Saubert, Merci fir seng Interventioun, awer  
och am Numm, mengen ech, vun lech alle-  
guerten, wënsche mer dem Här Sauber  
dann elo fir deen nächsten Deel vu sengem  
Liewen, dass en do gradesou vill Succès an  
Zefriddenheet wäert hu wéi bis elo.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Mir kommen dann  
zum nächste Riedner, an dat wär den Här  
Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Jo, Merci,  
Här President. Ech wéilt och dem Rappor-  
teur Merci soen, och nach eng Kéier dem  
Här Sauber Merci soe fir seng gutt Aar-  
becht, déi en ëmmer gelescht huet. Ech  
hunn en nëmme aus där Kommissioun  
kannt, wou dee Projet hei och diskutéiert  
ginn ass, mä et huet een och gesinn, dass  
hien aus engem anere Gremium hierkënn  
an dass en ëmmer ganz gutt a pertinent Bäl-  
trüg do konnt liwweren, wat och dann d'Aar-  
becht erlichtert huet.

Ech wéilt dann awer och dem Rapporteur  
Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. En  
huet all déi technesch juristesche Detailer hei  
erkläert, duerfir wäert ech net méi dorop  
agoen. Mir wëssen, et ass vun der Form hier  
eng Ëmsetzung vun enger Direktiv, wou mer  
e bëssen a Verzug waren, an duerfir hu  
mer also missen hei eng gewëssen Ur-  
gence un den Dag leeën.

Sécherlech hätt ee sech méi - ech soen net  
besser -, mä awer méi sënnavoll Ëmsetzunge  
kënne virstellen, amplaz elo praktesch pa-  
ralllell Gesetzzer ze hunn, dass een dat hätt an  
ee Gesetz kënne maachen. Wéi gesot, mir  
sinn hei an enger gewëssener Urgence,  
woufir mer dat dann esou gemaach hunn. Et  
ass einfach d'Ëmsetzung vun enger Direktiv  
eent zu eent, an domadder ass kee Pro-  
blem. Och inhaltlech hu mer kee Problem  
mat där Direktiv, mir kënnen dat voll ën-  
nerstëtzen.

D'Haaptobjektiv ass jo hei de Verbraucher-  
schutz, an et ass wichteg, dass mer dat hei  
och an der Chamber ënnerstëtzen, dass mer  
dat hei als e wichtegt Uleies ugesinn.

Dat gesot, wéilt ech och nach dorop hiwei-  
sen, dass an der Suite et wichteg ass, dass  
mer och de Consommateur adequat dozou  
informéieren, an ech géif och den Accord  
vu menger Fraktioun dozou abréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här  
Berger Merci. Als nächste Riedner ass den  
Här Huss agedroen, dee fir den Här Kox  
schwätzt.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Jo, Här  
President,...

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - ...den  
Här Kox ass eise Verrieder an der Ekono-  
mieskommissioun, mä well en eng drén-  
gend Verflichtung elo hat, huet e mech ge-  
bieden, hei a sengem Numm dat virze-  
droen, wat DÉI GRÉNG dovunner halen, an  
dat ass da Folgendes: Och DÉI GRÉNG  
kënnen hei ouni Bedenken deemem Projet  
zoustëmme. Duerch dese Projet kritt de  
Konsument zousätzlech Sécherheet a  
Rechtsschutz, fir sech géint illegal Ge-  
schäftspraktike kënnen ze schützen. Nei  
Sécherheeten, déi och ganz a voll dobaus-  
sen, sief et vun de Chamberen oder och  
nach vum Konsumenteschutz gedroe ginn.

Ech wëll duerfir net allze vill op de Fong  
vum Dossier agoen. De Rapporteur huet dat  
schonns an der gewinnter Ausféierlechkeet



virdu gemaach. Duerfir wëll ech och him hei nach eng Kéier am Numm vun der grénge-  
rer Fraktioun Merci soen, souwuel fir säi  
mëndleche wéi fir säi schrëftleche Rapport.

Dëst Gesetz ass jo, wéi schonns vu menge  
Virriedner gesot, just en Deel vun engem  
méi grouse Gesetz. Et ass duerfir wichteg,  
datt déi nächst Regierung dësen Dossier  
erëm schnell an Ugrëff hält, fir den uge-  
striefte Code de la consommation ze finali-  
séieren an déi verschidde Gesetzer, déi am  
Beräich vun Konsumenteschutz bestinn, ze  
koordinéieren. Dëst am Sënn vu méi  
Rechtssécherheet fir de Konsument.

Een Aspekt wollt ech awer kuerz hei nach  
eng Kéier belichten. Een Aspekt, deem  
awer éischter d'Form wéi de Fong ugeet.  
Hei bei dësem Gesetz hu mer erëm eng  
Kéier gemierkt, wéi schlecht mer nach ëm-  
mer bei den Ëmsetzung vum EU-Direktiven  
opgestallt sinn. Ech weess net, wéi vill Mol  
mir schonns an aller Hetz hu missen eng Di-  
rektiv ëmsetzen, oft souguer well schonns  
eng Veruerteelung zu Stroossbuerg erfollegt  
war. Besonnesch och hei an der Ekono-  
mieskommissioun lafe mer säit Ufank vun  
dëser Legislaturperiod den EU-Direktiven  
no.

Vläicht kann de Minister eis duerno nach  
kuerz eng Kéier soen, wéi vill Direktiven  
eleng am Wirtschaftsministère nach mussen  
ëmgesat ginn. Mir kënn et schonns bal vir,  
als ob hei mat System virgaange géif ginn.  
Et däerf awer net sinn, datt déi strukturell  
Problemer op eemol als Grond geholl ginn,  
fir um Inhalt kënnen ze fréckelen.

E ganz erschreckend Beispill ass déi vill ze  
vill späit Ëmsetzung vun der Direktiv am Ëm-  
weltministère iwwert d'Evaluatioun vun den  
Auswirkungen bei verschiddene Pläng a  
Programmer op d'Ëmwelt, wat jo elo dozou  
féiert, datt sämtlech PAGen déi Evaluatioun  
musse maachen, wat awer am Fong jo gutt  
a richtig ass.

Besonnesch heikel ass et awer fir déi Ge-  
mengen, déi schonns hire PAG praktesch  
duerch d'Prozeduren duerchbruecht hunn.  
Déi Gemenge kënnen deemno eventuell  
erëm eng Kéier vu vir ufänken.

Ech hoffen, datt déi nächst Regierung sech  
dëser Problematik endlech méi seriö unhëlt.  
Dës Regierung huet op deem Plang fir eis  
jiddefalls versot. Wat mir net matmaache  
wäerten, sinn Ännerungen un den Inhalter,  
Gesetzer oder Reglementer. Mir brauchen  
endlech eng Reform vun de Strukturen, sou  
datt déi Ëmsetzung méi effikass kënnen  
duerchgefouert ginn.

„Zum Schluss wollt ech dann no dësen Iw-  
werleeungen nach eng Kéier eis Zoustëm-  
mung vun dësem Gesetz hei widderhuelen“  
- seet den Här Henri Kox am Numm vun der  
grénge Fraktioun.

» Plusieure voix. - Très bien!

» M. le Président. - Ech soen dann dem  
Här Huss respektiv dem Här Kox Merci fir  
seng Interventioun. Als nächste Riedner hu  
mer den Här Henckes agedroen. Här  
Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). -  
Här President, Dir Dammen an Dir Hären,  
léif Kolleeginnen a Kolleegen, zuéischt de  
Merci un de Rapporteur fir säi mëndlechen  
a schrëftleche Bericht, deem eng etlech gutt  
Prezisioun bruecht huet zu deem Projet de  
loi, wéi mer en hei virleien hunn.

Da wollt ech och dem Marcel Sauber soen,  
datt seng Kontributiounen, notamment an  
dësem Dossier, mä och a villen aneren, do-  
zou gefouert hunn, datt esou komplizéiert  
Texter wéi deem heite sech verbessern. An  
ech mengen et ass dat, wat absolut nout-  
wendeg war a wou hien eng ganz gutt Kon-  
tributioun geleescht huet.

Effektiv muss een, wann een deem Text  
kuckt, dee mer elo virleien hunn, festhalen,  
datt et eng Direktiv vun 2005 war, déi ënner  
lëtzebuergescher Présidence ugeholl ginn  
ass an déi hätt misse bis den 12. Juni 2007  
ëmgesat ginn. Guer näischt ass an där Zäit  
geschitt, do hu se am Ministère d'Daume  
gedréit. Et ass eréischt den 10. Mee 2008  
wou de Projet de loi déposiert ginn ass,  
nodeem mer schonns ugesicht waren. Mir  
sinn dunn de 5. Februar 2009 hei vun der  
Cour européenne de justice condemnéiert  
ginn an duerfir hu mer da missen en toute  
urgence en Text duerchsetzen.

Ech mengen, déi Aart a Weis, wéi hei ge-  
schafft ginn ass, ass op jiddwer Fall net ak-  
zeptabel an dat muss sech an Zukunft än-  
nere. Do musse mer ons als Chamber vis-  
à-vis vun der Regierung aner Prozedure  
ginn, fir datt d'Ministère sech deenen Direk-  
tiven, déi se gestëmmt hunn, ënnerwerfen,  
an datt net hei iergendwéi egal wat muss  
gemaach ginn, am Hokuspokus hei, fir  
herno den Text duerchzekréien. Well deem  
Text, dee mer hei virleien hunn, ass  
schlecht. En ass schlecht.

E war nach méi schlecht wéi den Text,  
deen... Mir hunn en nach verbessert par  
rapport zu deem Text, deem d'Regierung  
erabruecht hat. Well do muss ech effektiv  
soen, dat huet sech gelies wéi e Kreuzwort-  
rätsel. An dat ass souguer esou wäit gaan-  
gen, datt mer dat souguer am Rapport vun  
der Kommissioun festgehalten hunn, datt  
een net méi genau wosst, wat geschwat  
ginn ass. «Confusion, insécurité juridique,  
opacité légale au détriment du consommateur»,  
steet hei am Rapport. Do ass natierlech  
den Text vun der Direktiv net onbe-  
dénigt onschëlleg drun.

Do ass den Text net onbedénigt onschëlleg  
drun, mä ech wëll awer drop hiweisen, datt,  
wann een eppes fir de Konsument mécht,  
da muss deem Text awer och nach verständ-  
lech sinn, an e muss och verständlech si fir  
déi Entreprise, déi dee soll ausféieren, ze-  
mools well Strofen drop si bis 120.000 Euro.  
An da geet den Artikel 1, Paragraph 2, no  
deem mer scho versicht hunn ze erklären,  
un: «La présente loi s'applique sans préju-  
dice du droit des contrats, des dispositions  
communautaires ou nationales relatives à la  
santé et à la sécurité des produits, des dis-  
positions législatives, réglementaires et ad-  
ministratives en matière (...) de métal pré-  
cieux, code de déontologie» an esou wei-  
der an esou virun.

Sechs där Exceptiounen! Dat heescht, datt  
den Text, dee mer elo stëmmen, seet: Et  
kann am Prinzip esou applizéiert ginn, mä  
Dir musst awer och nach bedenken, ge-  
gebenenfalls kënnen an aneren Texter aner  
Dispositiounen sinn, déi contraire sinn oder  
déi net kompatibel sinn, an egal wéi musst  
Dir da kucken, datt Dir domadder eens gitt.

Dat ass dat, wat mer haut hei stëmmen.  
Duerfir mengen ech, datt dee Wonsch,  
deen hei ausgedréckt ginn ass vun dem  
President an dem Rapporteur vun der Kom-  
missioun, vun der ULC, datt ee misst en  
«Code du consommateur lisible» maachen  
an «compréhensible» fir den allgemenge  
Bierger, datt een dee misst zustane brén-  
gen.

Dat bedeit, datt een eng etlech Gesetzer  
oder souguer bal déi ganz Gesetzgebung  
nees erëm eng Kéier nei schreift, fir eng  
gréisser Lisibilitéit duerchzekréien, fir datt  
och déi Betriber an déi Konsumenten, déi  
hei solle geschützt ginn, och mat esou en-  
gem Text kënnen eens ginn, well dat heite  
géif op all Säit, bal op all Artikel bedéngen,  
datt ee misst e ganzen Exposé schreiwen a  
ganz Bicher schreiwen, fir iwwerhaupt ze  
wëssen, wat drasteet. Duerfir mengen ech,  
datt dat heite muss nei iwwerducht ginn an  
nei duerchgekuckt ginn, an ech sinn och sé-  
cher, datt d'Regierung, datt den zoustän-  
nege Minister wäert an der nächster Regie-  
rung déi Aufgab do iwwerhuelen.

Et muss een och festhalen, datt hei eng et-  
lech Sanktiounen virgesi sinn, souguer «en  
l'absence de preuve d'une perte ou d'un  
préjudice réel». Déi gi ganz wäit, déi Dispo-  
sitiounen, an duerfir ass et wichteg, datt mer  
alleguerten en Text hunn, dee fir den allge-  
menge Bierger dobausse verständlech ass.  
Dat ass mat dësem Gesetz net de Fall.

Well mer awer mussen déi Direktiv ëmset-  
zen, well mer en urgence sinn, si mer awer  
als ADR bereet, den Text hei ze stëmmen,  
mä mat där Reserv...

(Interruptions)

...mä mat där Réserve expresse, datt de Mi-  
nister sech engagéiert fir op jiddwer Fall déi  
néideg Instruktiounen ze ginn, datt mer iwwer  
de Code du consommateur e konsoli-  
diéierten Text kënne kréien, wou déi ganz  
Matière compréhensibel exposéiert gëtt.

» M. le Président. - Ech soen dem Här  
Henckes Merci, an als leschte Riedner ass  
den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaer-  
ling, Dir hutt d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). -  
Merci, Här President. Ech mengen, all Text,  
deen am Sënn vum Consommateur ass an  
de Sënn huet fir de Consommateur ze  
schützen, dee soll ee begrëssen, och wann  
elo nach vläicht Ännerungspropositiounen  
kommen oder do sinn. Mir hunn esou vill  
Texter hei gestëmmt, déi vum Grond hier net  
dat waren, wat mer onbedénigt gär gehat  
hätten, mä wou een ëmmer nach kann no-  
besseren. Ech wëll och dem Här Rapporteur  
Merci soe fir säin explizite Rapport.

Wann ech also elo deem Text richtig versta-  
nen hunn, dann heescht dat, dass am Fong  
de Consommateur soll geschützt gi viru  
Werbesloganen, déi him spéider kënne  
schueden.

Wann ech dat dann awer esou iwwerleeën,  
da stellen ech mer d'Fro: De Wieler ass jo  
och e Consommateur vun de Werbeslogane  
vun de Parteien, an e muss jo awer och vill  
vun där Seef konsuméieren, déi an de Wahl-  
programmer steet an déi da spéider a See-  
feblosen opgeet. Do stellen ech mer dann  
awer d'Fro, ob dann och d'Parteien drënner  
falen, wa se elo an hire Werbesloganen de  
Leit eppes versprechen, wat se spéider net  
halen, ob dann déi opgrond vun dësem Ge-  
setz och zur Uerdnung geruff ginn. Ech  
mengen, Här Minister, Dir kënnt mer jo dann  
op déi Fro äntwerten.

Ech soen lech Merci.

» Une voix. - Duerfir maacht Dir kee Pro-  
gramm.

» M. le Président. - Ech soen dann och  
nach dem Här Jaerling Merci, an elo huet  
d'Regierung d'Wuert, de Wirtschaftsminis-  
ter Jeannot Krecké.

» M. Jeannot Krecké, Ministre de  
l'Économie et du Commerce extérieur. - Här  
President, erlaabt mer, sou wéi dat mer al-  
lerdénks schonn oft geschitt ass, dass ech  
muss der Kommissioun Merci soen, déi  
wierklech an all deene Jore ganz oft gehol-  
lef huet, fir dass mer éischstens Texter méi  
schnell konnter duerchbréngen, an zwee-  
tens och propper Texter duerchbruecht  
hunnen. An ech muss soen, ech muss hei dem  
Alex Bodry Merci soen, deen e puer séier  
gutt Modifikatiounen erabruecht huet, a  
virun allem och als Rapporteur, mengen  
ech, déi noutwendeg Opklärungen bruecht  
huet.

Ech wëll dann och dem Marcel Sauber - ech  
géif bal soen: Ale Feind, ale Frënd, hat,  
mengen ech, eng Kéier ee gesot -...

» Une voix. - Fänk awer elo net un ze  
kräischen!

» M. Jeannot Krecké, Ministre de  
l'Économie et du Commerce extérieur. -  
...Merci soe fir déi Partien, déi mer alt emol  
ënnereneen haten. Hien hat eng Aktivitéit  
virdu, déi e schwéier konnt opginn. De  
Moie sot en nach zu mir: „Ech sinn net am  
Statsrot.“ Et deet mer leed, du hues  
heiansdo esou geschwat, wéi wann s de  
nach am Statsrot wiers. Duerfir hu mer dat  
ëmmer esou och ugeholl. Dat war och  
éischter e Luef, géif ech soen, wéi dass et  
eng Kritik war. Du has och net ëmmer Recht,  
mä du has Recht wéi s de gesot hues:  
„Vläicht war ech net ëmmer bequem.“ Mar-  
cel, looss der et gutt goen! - Dat zu men-  
gem Kolleeg Marcel Sauber.

Elo zum Projet selwer. De Code de la  
consommation, deen hei elo e puermol er-  
nimmt ginn ass, ech wëll virausschécken,  
deen ass fäerdeg, en ass déposiert. Éier-  
lech gesot, ab engem gewëssene Moment  
kann een als Regierungsmitglied net méi  
Afloss drop huelen, wat da geschitt. Dann  
hänkt et vum Statsrot a vun der Chamber of,  
fir dat do ëmzesetzen.

Mir hunn dee Code de la consommation  
och gemaach, well mer dat déift Bedürfnis  
hate fir hinzugeen, à droit constant - mat  
eegene Modifikatiounen, déi am Laf vun der  
Zäit an der Législatioun komm sinn, mä  
gréisstendeels à droit constant - dee Code  
de la consommation ze konzipéieren. Mir  
haten nämlech geduecht, wa mer elo alles  
ëmänneren, da bass de zéng, 15 Joer am-  
gaangen. An duerfir hu mer geduecht, à  
droit constant dat ze maachen. Dat läit lech  
vir. Dat hei ass ofgespléckt ginn, well mer  
effektiv ënner Bedrängnis si vun der Euro-  
päescher Kommissioun.

Den Här Henckes huet gemengt, mir wieren  
do immens en retard. Also, ech weess net,  
wou Dir dat siche gitt. Dir hutt vläicht...

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). -  
Mir si condemnéiert ginn, Här Minister.

» M. Jeannot Krecké, Ministre de  
l'Économie et du Commerce extérieur. - Mä  
Dir hutt geschwat vun x Geschichten, wou  
mir en retard sinn. Ech kann lech soen, mir  
hunnen der zwou, wou mer en retard sinn, déi  
ganz kloer sinn...

Gelif?

» Une voix. - Dat sinn der x fir den Här  
Henckes.

» M. Jeannot Krecké, Ministre de  
l'Économie et du Commerce extérieur. - Et  
sinn der zwou, wou mer en retard sinn...

» M. Jacques-Yves Henckes  
(ADR). - Et sinn aacht Stéck.

» M. Jeannot Krecké, Ministre de  
l'Économie et du Commerce extérieur. - Mir  
hunnen der zwou, wou mer en retard sinn, a  
wou ech extrem,...

(Interruption et hilarité)

» M. le Président. - Sou, elo lauschtere  
mer dem Här Wirtschaftsminister no.

» M. Jeannot Krecké, Ministre de  
l'Économie et du Commerce extérieur. -  
...wou ech eng Urgence gefrot hu beim  
Statsrot. Dat ass hei geschitt, an hei brénge  
mer et jo fäerdeg, ee vun deenen dräi, wou  
mer en retard sinn, elo endlech ewech vun  
der Lëscht ze kréien. Deen Zweeten, do  
hunnen ech keng Emprise méi drop, dee läit  
elo scho wéi laang beim Conseil d'État.

Bon, mir hunnen natierlech och Zäit ge-  
braucht, mä wann awer d'Chamber eis an  
Zukunft, wa mer Gesetzer erabrénge, och  
fir déi Saachen emol Leit gétt, fir dass mer  
se kënnen ëmsetzen, hunnen ech kee Pro-  
blem. Ech mengen, Här Henckes, Dir kënnt  
zu jidder Zäit där doter Propositione maa-  
chen. Well am Droit de la propriété intellec-  
tuelle, wat eng extrem komplizéiert Matière  
ass, hunnen ech een eenzege Jurist bis elo  
gehat, elo hunnen ech der zwee. Dat ass awer  
alles, wat mir hunnen, fir all déi Direktiven  
ëmsetzen an der Propriété intellectuelle.

Ech wëll lech just soen, dass och d'Juristen  
et net ëmmer méi einfach maachen. Dir hutt  
jo gemengt, dat hei wier eppes Komplizéiertes.  
Et géif een net mengen, dass Dir  
lech an deene Saachen doheem misst fillen.  
Et kann een an eenzelne Matière net ein-  
fach Texter maachen, déi fir de Consomma-  
teur, de Mann an d'Fra vun der Strooss ge-  
duecht sinn. Also deen, dee mengt, e kënnt  
esou eng Gesetzgebung maachen, ech  
mengen, dee leeft um Mound.

Et muss een eng Gesetzgebung maachen,  
déi d'Strooss hält. Derniewent muss een  
eng Informatioun maache fir de Bierger, fir  
de Konsument, déi deem explizéiert, wat  
seng Rechter elo sinn. Mä déi Rechter...  
Ech ka mer net virstellen, wann Der de  
Code de la consommation kuckt, Här  
Henckes, dass iergendeen an Ärer Famill,  
Är Fra, fir se net ze nennen, sech owes bei  
der Télee dobäi setzt, fir de Code de la  
consommation ze liesen. Et liest kee Kon-  
sument de Code de la consommation. Dee  
gétt gemaach, fir dass et hieb- a stichfest  
juristesche Texter sinn, an dee muss herno,  
an den Informatiounen, déi zum Deel de Mi-  
nistère, mä haaptsächlech d'Union luxem-  
bourgeoise des consommateurs ze liwwer-  
en huet, esou ausgedäitscht ginn, dass  
jiddwereen dat versteet.

Loosse mer eis also eens sinn: D'Texter sinn  
a bleiwen, well dat an der Juristerei, Här  
Henckes, anscheinend esou ass, komplizéiert.  
Fir dass Kloerheet zumindest an de  
Käpp vun den Affekoten an an de Käpp vun  
de Magistrate misst sinn, do musse mir da  
kucken déi noutwendeg Campagnen ze  
maachen.

Mä Dir hutt e Besoin urgent fir mer eng Fro  
ze stellen, gesinn ech.

» M. le Président. - Här Henckes, Dir  
hutt d'Wuert fir eng Fro ze stellen.

» M. Jacques-Yves Henckes  
(ADR). - Ech wollt just nuren den Här Minis-  
ter froen, ob en de Rapport vun der Kom-  
missioun gelies huet, an deem drasteet, op  
der Säit fënnef, datt «partant la commission  
a soulevé un risque de confusion, d'inséc-  
urité juridique voire d'opacité légale au détri-  
ment du consommateur». Dat ass dee Saz,  
deen hei am Rapport steet, an dat beweist,  
datt mer gemierkt hunnen, datt mer wuel en  
Text hunnen, deen technesch an duerch d'Di-  
rektiv bedénigt ass. Mä ech mengen, Här  
Minister, de Sënn an Zweck, deen et awer  
och muss hunnen, dat ass, datt den Text fir  
de Bierger, fir de Konsument, fir d'Betriber an  
och fir d'Affekote muss liesbar sinn. Et ass  
also eng Recommandatioun, déi ech ginn,  
an Dir sollt vläicht kucke mat Äre Servicer,  
et ass dee Wonsch, wou ech gären hätt,  
datt Der eis déi Instruktioun wëllt ginn, méi  
net.

» M. Jeannot Krecké, Ministre de  
l'Économie et du Commerce extérieur. - Ma  
ech ka mer virstellen, dass et deen een oder  
aneren Deputierte gëtt, dee vläicht eng  
Proposition de loi mécht an eng Fusioun vun  
allen Texter virhält. Ech géif lech dat vläicht  
proposéieren. Dat wier eng flott Aarbecht,  
eng ganz nützlech Aarbecht, well ëmmerhin  
ass et nach d'Chamber, déi de legislative  
Kader setzt, an net d'Regierung.

Bon, dat zu deem Punkt do, Här President.  
Mir hunnen, ech muss hei en aveu sinn, déi Di-  
rektiv net hei eent zu eent ëmgesat, well mer  
deen Deel vum Colportage iwwerholl hunnen,  
dee bis elo bei eis virgeherrscht huet an  
deen awer net esou gesi gëtt vun der Direk-  
tiv. Ech setze viraus, an da kann erëm eng  
Kéier een eis de Virwurf maachen, mä ech



setze virusa, dass vläicht een et net gesäit, mä wann et gesi gött, dass mer vläicht eng Kéier Schwieregkeeten dowéinst kréien.

Mä hei hu mer gemengt, oder ech géif soen, zesumme gemengt, well mir sëtzen an engem Boot, ginn ech dovun aus, Regierung a Parlament hei, dass mer am Sënn vum Konsument géife bei eiser Dispositioun bleiwen, déi also virgesäit, dass do net permanent ee schellt a permanent een lech emmer-déiert, fir lech iergendeppes ze verkafen. Wann dat eng Kéier de Fall ass, da riskéiere mer vläicht forcéiert ze ginn, dat Gesetz hei nach eng Kéier émzeänneren. Mir hu gemengt an dësem Fall kéinte mer eng Kéier derogéieren an net eent zu eent émsetzen. Mä ech soen dat an aller Kloeerheet, dass mer hei alleguerten am selwechte Boot sëtzen an dass hei net Leit sech kënnen erausstielen.

Mir hu probéiert, esou wéi mer et gewinnt sinn hei zu Lëtzebuerg, e relativ héijen Niveau vu Konsumenteschutz duerchzezéien. Dat fënnit jiddweree gutt. Ech wëll lech just drop opmierksam maachen, dass och Geforen dobäi leien. Et leien eng Rei Geforen dobäi. Mir probéieren op europäeschem Plang, dass d'Harmoniséierung op héijem Niveau geschitt. Wann dat nämlech net de Fall ass a mir maache 27 verschidden Dispositiounen a 27 verschidde Länner, da soen ech lech, ass Lëtzebuerg den éischte Perdant.

Lëtzebuerg ass dann den éischte Perdant. Mir hu schonn elo eenzel Domänen, ech denken un eBay an un Ähnlech es, wou Der net d'Méiglechkeet hutt, iwwer eng Lëtzebuurger Plattform dat ze maachen, well grouss Betriber keng Loscht hunn, sech un eis Législatioun ze adaptéieren. Dir kritt och muer näischt iwwer „Premiere“ hei zu Lëtzebuerg, wann Der net iwwer e Kolleeg an Däitschland fuert, oder Dir fuert iwwer ee vun de Senderen. Dir kënn net selwer do, esou wéi Der dat bei anere kënn, lech uschléissen. Firwat? Well „Premiere“ Lëtzebuerg esou laang wéi breet ass.

Duerfir muss een oppassen, mir müssen oppassen an eiser Konsumenteschutzlégislatioun, awer dat göllt fir ganz Europa, dass mer net siwe Mini-Markets kréien a kee Bannemaart. Mir plädéiere fir d'Harmonisatioun no uewen, dat heescht eng maximal gutt Harmonisatioun vum Konsumenteschutz. Mä ech wëll drop opmierksam maachen, dass do eng Gefor ass. Et ass eng Gefor, dass e Betrib, deen hei vu Lëtzebuerg aus schafft, véier verschidden Dispositiounen muss respektéiere vum Konsument. Véier! Dat ass fir mech och kee Verständnis vum Bannemaart. Duerfir probéiere mer d'Kollegen...

*(Interruption)*

Et ass, Här Thiel, de Fall an de Visaskaarten notament, an de Kreditkaarten de Fall. Ech weess net, ob et eng grouss Errungenschaft ass fir eis Betriber, wa mer et permanent duerch déi eng oder déi aner Dispositioun fäerdeg bréngen, dass mer en dehors vun dem normalen däitschen, franséischen, belsche Recht sinn, well mer hei awer bannent 20 Kilometer déi aner Säit vun der Grenz sinn, wa mer Geschäfte wëlle mat deene maachen.

Ech weisen einfach op eng Gefor hin, an déi solle mer och am Kapp hunn, wa mer hei eenzel Dispositiounen aneschinn. Mir waren als Regierung jo och mat d'accord, dass mer dat esou maachen. Mä ech well just drop opmierksam maachen: Dat kann een net permanent maachen, well soss op eemol isoléiert ee sech à un point, wann een e klengt Land huet a kee Bannemarché huet, deen iergendwéi déi grouss Opérateuren interesséiert, dass ee sech marginaliséiert. Dann huet een de Konsument maximal geschützt, mä et huet een e geschützt a Matière, wou iwwerhaapt kee Mënsch eis méi wëllt eppes verkafen. Duerfir musse mer oppassen, dass mer do en anstännegen Équiliber hunn.

Datselwecht wollt ech och dem Här Huss soen, dee sech jo och hei Suerge gemaach huet, wéi vill dass mer géifen émsetzen an net émsetzen. Ech brauch lech net nach eng Kéier datselwecht ze soen, wat ech dem Här Jaerling - pardon, dat ass eng Frechheet! -, dem Här Henckes gesot hat. Dat göllt fir lech, ech hat dat vergiess, Här Huss, mä Dir sidd mer do net béis.

De Rapporteur huet gesot, dass e géif mengen, mir missten och derfir suergen, dass eng gewësse Campagne gemaach gött elo, wat de Konsument ubelaangt. Mir ginn dovun aus, dass d'Konsumenteschutzorganisatioun, déi mir mat iwwer 800.000, dat heescht Dir an deem Moment, vu dass Dir jo d'Autorisatioun gitt fir déi Suen auszeginn, dass mer déi probéieren ze ënnerstëtzen an hire ganze Bestriewungen, fir d'Informatioun ënnert d'Konsumenten ze bréngen, dass déi eis dobäi wäerte behëlleflech sinn. Well déi hunn den direkten Accès, déi hu

mengen ech och d'Iwwerzeegungskraaft, vu dass se wirklech an der Verdeedegung vun den Interesse vun de Konsumente sinn. Ech ginn dovun aus, dass déi eis do massiv wäerten hëllefen, déi Informatioun weiderzebréngen.

Fir de Rescht, Här President, soen ech lech Merci, lech an dem Rescht vun der Chamber, dass Der bereet sidd, deen Text hei ze stëmmen. Här Bettel, ech kann lech herno nach eppes aneschters soen, da kommen ech bis bäi lech laanscht. Dat huet näischt mat Konsumenteschutz ze doen.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Minister Merci fir déi Präzisiounen zu deem wichtege Text, a mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration.

*(Interruption et hilarité)*

De Projet de loi 5881B ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Michel Wolter), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Ali Kaes), Marco Schank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Domadder ass dat esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ier mer zum nächste Projet de loi kommen, huet de Gesondheitsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, sech bereet erkläert, op eng Question urgente vum Här Fernand Etgen ze äntwerten, nämlech d'Question urgente N°3309 iwwert d'Fäll vu Mumps.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - An den Här Arméiminister och.

» **M. le Président.** - An den Här Arméiminister och.

*(Interruptions et hilarité)*

Also, mir hunn zwee Ministeren, déi op eng Fro äntwerten. Den Här Fernand Etgen huet fënnef Minutten Zäit, fir seng Observatioun virzedroen, an déi zwee Ministeren hunn zéng Minutten Zäit, fir dorop ze äntworten. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

» **Une voix.** - Ass dat ustiechend?

» **Une autre voix.** - Jo!



### 3. Question urgente N°3309 de M. Fernand Etgen relative aux cas d'oreillons au Luxembourg

**M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, wéi aus engem Artikel vum 19. Februar, dee vun Eurosurveillance publizéiert gouf, ervirgeet, ass Enn d'lescht Joer de Mumps innerhalb der Lëtzebuurger Arméi ausgebrach. Bei zéng jonke Leit ass Mumps festgestallt ginn. An

de Chiffer ass bis den 31. Dezember 2008 op 19 Fäll geklommen. Et ass mer duerno zu Ouere komm, datt dorophin de Mumps och an der Zivilbevölkerung ausgebrach ass, an dat virun allem am Norde vum Land.

Ech hätt gäre vun der Regierung gewosst, wéi d'Situatioun innerhalb der Lëtzebuurger Arméi nom 31. Dezember evoluéiert huet, an ob d'Situatioun de Moment am Grëff ass oder ob et nach ëmmer Fäll vu Mumps an der Arméi gött.

Wéi gesäit et bei der Zivilbevölkerung aus? Ass do eng Verbredung vun der Maladie infectieuse virale, déi extrem ustiechend ass, feststellen? A wa jo, a wéi engem Ausmooss dovunner?

Wéi vill Fäll si gemellt ginn? Sinn et och Fäll vun Hirnhautentzündung ginn?

Ech mengen: Hätt d'Bevölkerung an deem dote Fall net missen informéiert ginn, grad wéi d'Dokteren, déi dann hir Diagnostiquë vill méi genee hätte kënnemaachen?

Deen Artikel, deen ech ugeschwat hunn an deen notament vum Dokter Joël Mossong aus dem Statslabor geschriww gouf, gött och eng Recommandatioun mat op de Wee.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Vu weini ass deen Artikel, wann ech gelift?

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Vum 19. Februar.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ah, merci!

» **Une voix.** - Dëst Joer?

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Jo.

*(Interruptions)*

De Caractère urgent, Här Wolter, deen ass vun der Regierung unerkannt ginn, an duerfir hu gläich zwee Membere vun der Regierung sech bereet erkläert...

*(Interruptions)*

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Also, do kann d'Regierung sech net iren, bei der Urgence, selbstverständlech.

*(Interruptions)*

» **M. le Président.** - Sou, loosst elo den Här Etgen seng Froe stellen!

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Bon, ech mengen, deen Artikel, deen ech ugeschwat hunn, dee gött och eng Recommandatioun mat op de Wee, nämlech déi, déi da beseet, fir de Mumps laangfristeg hei zu Lëtzebuerg an de Grëff ze kréien, misst eng Vaccinationscampagne gestart gi bei all deene Leit, déi tëschent 1970 an 1990 gebuer goufen an déi nach net geimpft goufe respektiv nach net immuniséiert sinn.

Wéi steet den Här Minister zu dëser Recommandatioun?

Ech mengen, et gött nach ëmmer Fäll vu Mumps, a besonnesch a menger Géigend. Duerfir huet d'Chamber och, mengen ech, awer zu Recht de Caractère urgent vun dëser Fro unerkannt.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Sou, ech soen dem Här Etgen Merci. Wat fir een Här Minister äntwert dann elo fir d'éischt? Den Här Arméiminister kritt d'Wuert.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense.** - Här President, dat, wat den Här Etgen als en Artikel qualifizéiert, ass eng wëssenschaftlech Ofhandlung, déi ënnerschriwwen ass vun Dokteren a Wëssenschaftler a Professereren aus dem Laboratoire national de la santé vu Lëtzebuerg, aus dem Service de santé vun der Lëtzebuurger Arméi a vun der Direction de la santé och vu Lëtzebuerg.

Et ass also eng Kommunikatioun, déi am Februar vu Lëtzebuerg un déi international spesialiséiert Publikatioun doerausgaangen ass. Dat zur Virgeschicht.

Wat d'Evenementer ubelaangt, ass et richtig, an ech zitéieren do aus där Etüd, datt e Fall vu Mumps festgestallt ginn ass am Centre militaire de 15. September 2008. Den zéngten an dee leschte Fall ass festgestallt ginn den 28. Oktober 2008. Also eng Zäitspan vu sechs Wochen, wou zéng Fäll festgestallt gi sinn.

Duerno ass eng vaste Campagne de vaccination um Härebi ergemaach ginn, déi de 27. Oktober 2008 debutéiert huet. Duerno, no deem, ass kee Fall méi um Härebi erg festgestallt ginn.

Dräi Remarquen nach, Här President. Éischstens, d'Santé ass deemools informéiert ginn. Déi ganz Operatioun ass zesumme mat der Santé ofgewéckelt ginn an de concert mat der Santé.

Zweetens, fir ze soen, datt de Mumps um Härebi erg ausgebrach wär, schéngt mer net e ganz adequate Sproochgebrauch ze sinn, well et nämlech esou ass, datt dat ee vun deenen éischte Fäll war, dee festgestallt ginn ass. Et ass awer dovun auszegoen, datt de Mumps op den Härebi erg opgaangen ass fir d'éischt an duerno erëm erfogaangen ass an um Härebi erg detektéiert ginn ass, an also konnte Mesuré geholl ginn, well en eben do detektéiert ginn ass an op anere Plazen net.

Wann een déi Etüd richtig liest a wann ech net alles falsch verstinn an där Etüd, da waren am August zwee Fäll hei am Land, déi net um Härebi erg lokaliséiert waren. Et muss een also déi Etüd ganz liesen.

Drëttens, ech wär virsiichteg, fir dat Wuert Epidemie an de Mond ze huelen. Ech si kee Spezialist, duerfir wäert mäi Kolleeg Gesondheitsminister, Här President, lech alles zu deem Wuert an aner Explikatiounen soen.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Arméiminister Merci. An elo kritt de Gesondheitsminister d'Wuert.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Just eng Prezisioun: Et ass net d'Regierung, déi d'Urgence unerkannt huet, mä et ass d'Chamber, déi d'Urgence unerkannt huet. Mir hunn dat da matgedeelt kritt a mir sinn da selbstverständlech jidderzäit der Chamber zur Dispositioun, eleng oder zu zwee - wann et ëm d'Arméi an den Zivil gläichzäiteg geet.

Ech kann dat bestätegen, wat den Arméiminister gesot huet. De Mumps gött et am Moment um Härebi erg net. An ech kann och ganz kloer soen, dass mer hei net a Präsenz si vun enger Epidemie, well mer insgesamt 45 Fäll gemellt kritt hunn. Dat ass zwar exzeptionell vis-à-vis vun der Situatioun vun deene Jore virdrun, well et do keng Mumpsfäll méi gi sinn. Zënter Jore war Lëtzebuerg mumpsfräi.

Ech ka mech un Zäiten erënneren, wou mir mat méi décke Baken dorëmmer gelaf sinn. Eng vun deene penibelsten Experienzen, déi ech selwer hat, dat war, wéi mer den éischten Ausfluch sollten an de Beetebuerger Park maachen, souz ech mam Mumps doheem.

» **Plusieurs voix.** - Oh!

» **Une voix.** - Dir kënn dat nohuelen.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Ech hunn et awer an allen Hisiichte gutt iwwerstanen.

*(Brouhaha général)*

D'Santé zesumme mat dem Härebi erg sinn direkt aktiv ginn: eng allgemeng Vaccinatioun vun de Leit um Härebi erg.

Vereenzelt Fäll sinn ëm d'Fuesentzäit an der Dikrecher Géigend opgetrueden. Doropshin huet d'Santé sämtlech Generalisten informéiert. Dat heescht also, d'Doktere wësse Bescheid, kënnen also déi adequat Diagnos maachen.

D'Schouldirektore sinn informéiert ginn. Mir mengen net, dass elo eng flächendeckend zousätzlech Impfung ze maachen ass, well déi Leit aus där Generatioun, déi virun 1970 gebuer sinn, déi si quasi alleguerten immuniséiert, well se de Mumps sengerzäit hatten. Déi, déi duerno gebuer sinn, sinn zum groussen Deel vaccinéiert. Zënter 1986 gött eng systematesch Vaccinatioun vun de Kanner gemaach. Et ass effektiv déi Tranche zwëschent 1990 oder zënter 1990 bis haut, déi sollt nokucken am Vaccinationspass, ob d'Impfung komplett gemaach ginn ass sengerzäit oder ob eng vergiess ginn ass. Dee Moment solle se eng Novaccinatioun maachen.

Ganz kloer, et si vereenzelt Fäll; et ass kee Grond do, fir Panik ze maachen. D'Doktere sinn informéiert. An et soll ee säi Vaccinationscarnet nokucken, fir dat nozehuelen, wann et eventuell zum Deel verpasst ginn ass.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Jo, Merci och dem Gesondheitsminister. A mir wëssen dann elo genuch iwwert déi Mumpsproblematik.